

Mam Velo an d'Schwäiz



en hat sech net geiirt. laanscht de lac léman gung et wéi op ruletten. de séi luch do wéi e frëndleche spigel téschent den ofhäng vun de bierger, agerummt hei vu grénge wisen mat äppelbäm drop an do vun dierfer, déi sech no hannen un d'flanken vun de bierger gekuschelt an no vir eenzeler vun hiren haisercher, wéi virwëtzig scouten, bis un de strand vum waasser virgeschéckt hun. 't war waarm, awer gläichzäiteg as e fréschen awer net ze kille wand gaangen, deen denen zwéi coureuren, wann en s'op de réck getraff, fiillécken ugehaangen huet.

- ech hun d'gefill, mir fléien.
- mir fléie jo och.
- esou ging ech nach zéng stonne laang fueren, sot de gätsch.
- zéng stonne si laang, sot de gatt, pass op, was de sees.
- 't war eng gutt iddi, dat stéck mam zuch ze fueren.
- ech hun nëmme gutt iddien.
- mings de mäi papp ging mech vernennen, wa mer heemkommen?
- dat huet nach zäit. fir d'éischt musse mer emol ukommen.

Alles fliegt und sinkt vor den Seitenblicken nach rückwärts, alles tanzt, kreist und schwindet. Vieles ist schon in herbstliche Schleier gehüllt, und ein bißchen vergoldet ist alles von einem bißchen Sonne, die aus Wolken herausscheint. Solches Gold, wie das

schimmert, und wie man's doch nur im Dreck auflesen kann. Höhen, Felswände, Täler, Kirchen, Dörfer, Gaffer, Kinder, Bäume, Wind, Wolken, ei was? Ist's was Besonderes?
aus: *Kleist in Thun*, von Robert Walser. (aus *engem notizbichelchen*).

duerch lausanne gung et vill besser wéi si gefaart haten. ëmmer laanscht de séi. du war och scho vevey ze gesinn. a vun do bis op montreux war et nëmme méi e kazespronk.

wat hat hien esou opgereegt, wéi se muejes zu fréiseng iwert d'grenz pedaléiert waren? em all kéier, déi se geschnéppelt hun, as eppes op se duerkomm, dat se nach ni gesinn haten. de chrëscht war jo ni vun doheem fort, ni iwert d'grenze vum land eraus komm, ausser op deër rees mam radiozuch op blankenberge virun e puer joer. näischt spektakuläres war et, wat him sou gelunge virkumm, mā haten d'haiser net eng aner form? waren se net vill méi gro, wéi déi doheem? eenzeler net vill méi schwaarz hannert de reeschleieren? waren d'dierfer net méi knaschteg? luch niewent den haiser net kéipweis gerëmpel duercherneen? hun net raschteg wellblechgiewele vu baufällege schäpp wäit an d'wissen eragereecht? a stung net matzen an enger wiss hei oder do eng raschteg bauremaschin déi gebrachen äerm vun hirem gestell aarmséileg an d'lut ze strecken? iwerall stung (dat fir si neit an ongewinntent) franséisch op de stroosseschëlter oder

iwert de geschäfte, op de giewelen hunge riseg plakater, (oder waren déi biller net souguer direkt op d'mauere germoolt?) publizitéite fir vim, soleil, moutarde de dijon, nougat de montélimar, citroën, la voiture de l'année; autoe mat franséische nummerschëlter, vill citroënen derbäi, sin iwert déi schmuuel stroosse geschlach. a wann emol e kreesch niewent der strooss gefall as oder zwou fraen iwert d'strooss ewech matenee geschwat hun, huet hie kee wuert verstanen. obschon hien am kolléisch siwe joer laang franséisch geléiert hat. wann hie sech virgestallt huet, datt hien an dësem moment fir richtig am richtege land vum louis quatorze, napoléon, jeanne d'arc war, am land vum victor hugo, la fontaine, voltaire, molière, baudelaire, oder rimbaud, am land vum braque, matisse, picasso, vum hector berlioz, georges bizet, oder maurice ravel, am land vun der *liberté, égalité, fraternité*, am wirkleche land mam simpateschen numm *la douce france*, am land mat deër fantastescher haaptstad mat deem nach méi fantasteschen äifeltuerm, déi him zanter senger éischter jugend schon als onerreechbaart reesziel am kapp erëmgedant as, war hien esou opgereegt, dass e groussen zidderer him duerch äerm a bee gefuer as. alles war anescht, wéi doheem, ongewinnt, wéinstens op deen éischte bléck, an dat huet hien duerchernebruet, op eng onbekannte manéier positiv

gestëppelt. hie war jo bis elo a sengem ganze liewen nëmme de piedchen getrëppelt, schéi roueg a brav de piedchen, ëmmer nëmme de piedchen, soss näischt wéi de piedchen.

– schlo iwert d'sträng, hat de monni ujen him méi wéi eng kéier geroden.

awer alles, wat dobäi erauskumm, waren e puer zolitt sëffechte mam bubu oder mam zahle jos oder mam breithoffs misch. oder och mam gatt.

– du bas vill ze fromm, hat den ujen gesot, an d'frommheet as e stéck vun der dommheet. géi eraus an d'welt. kuck der d'welt un. lëtzebuerg as näischt wéi e guckucksnascht. déi aner länner leën äis hir eër hei an d'nascht a loosse se vun äis ausbréien. fuer mat an d'schwäiz an zéi der d'nadine op d'long. dabo do, d'liewen as kuerz.

wat se méi wäit vun doheem fortgerode sin, wat dat wuert *doheem* lues a lues en anert gesiicht krut. virun enger scheier ware s'am-gaang an engem noutstall e päerd ze beschloen. dat war am fong net anescht, wéi zu izeg beim schmatt. an dach: tëschent de paweesteng, aus denen déi ganz plaz virum baurenhaus bestanen huet, as fangerhéich gras gewuess. geschwë ging eng wiss virum haus entstoen, wa se d'gras net mat engem knäipchen gingen erauswullen. wéi hien dat vun zäit zu zäit doheem, virun der scheier, huet misse machen. no e puer stonne pedaléieren as ganz gemellech, trotz dem kappwéi, en neit gefill aus senge wueden erop a säi kierper geklommen: en huet sech fräi gefillt. *total fräi*. net méi iwerwaacht an net méi kontrolléiert. net méi agequëtscht an net méi ugeneelt. a fir säin neit an onbännegt gefill ganz ze genéissen, huet hien nëmme brauche ronderëm sech ze kucken: do luche riseg bëscher donkelgréng an de wise gekuschelt, zesummeduckelt ënnert dem fisemreen. do si liicht awer däischer dännebëschelcher, käerzerit an net wéineg houfreg, an deemselwechten dënne reen, hiwelen erop an hiwelen erof getrëppelt, genä wéi doheem. hei, am reen mat deem schwéier geluedene velo d'bierger eropzekäichen, war e ganz anert gefill, wéi an der schoul an der bänk ze huckelen an esou ze maachen, wéi wann ee ging nolauschteren. hei war hien an der wirklechkeet. an d'schoul war scho soss näischt méi, wéi en dram, dee schon um verblatze war. dat heescht, nuets sutz hien dax nach am premièresexamen, as hien dax nees duerch endlos korridore geiirt, souguer gelaf, an op de gäng war kee schüler, kee proff méi ze gesinn, all sutzen se schon an deem grouse sall iwert hir examensfroe gebéckt, scho minutte laang, an hien hat sech veriirt, war an engem falsche fligel vun dem grouse schoulgebai gelannt, hat, no der paus, an engem ament vu panik déi aner examenskandidate verpasst, war verluer elo, eleng an de gäng vun engem eidele schoulgebai, dat vill vill méi grouss war wéi de kolléisch, as hin- an hirlaf, huet säin ouer wider dire vu classesäll geluet

an näischt héieren, d'säll waren eidel, natiirlech waren d'säll eidel, well si sutze jo all am grousege sall, an der aula, am premièresexamen, ze schweessen an ze schreiwen, an hien hat den anschluss verpasst, wéi ëmmer, ee moment net opgepasst, an den zuch vum liewen as fort, fir ëmmer fort, an den zuch vum liewe kënt ni méi erëm, eng angscht am kapp, eng angscht an de knéien, eng total angscht fir heemzegen, den examen net gepackt, well ech no der paus d'aula net méi erëmfond hun.

– papp, den exame verpasst, an dat falscht gebai geroden, an dee falsche stad-deel, an déi falsch stad, an dat falscht land.

– hues du se nach all? ech mengen du spënns?

dat land hei war nei, friem an nei, ongewinnt, eng grimmel wéi deen onbekannte kolléisch aus sengen dräm, an dach war dat land am fong net anescht, wéi d'land lëtzebuerg. just méi grouss. just méi spannend. just méi hiweleg. well dat hun hir wueden hine matgedeelt an och hir muskelen iwert de knéien.

– zu besançon klamme mer an den zuch, sot de gatt.

– wonnerbar, sot de gätsch. ech soe merci.

– d'jjo, ech verlaangere nom juliette.

– an ech nom nadine, hätt hien am léifste geäntfert, mä dat wir eng lige gewiescht, oder, wa vläicht keng ligen, dann awer eng iwerdriwe bemierkung.

hat hie sech an d'nadine verléift? hien huet sech déi zäit vill ze séier an e meedche verléift. well e sech ëmmer verléiwe wollt. ëmmer an andauernd. vu muejes bis owes. nom doud vu senger mamm war e fiirchterlech lach a sengem häerz entstanen, kee lach, éischer eng wüst, barbaresch eidel a monoton, an déi eidelheet wollt hien an engem stéck fëllen. d'nadine war him simpatesch, souguer méi wéi simpatesch, awer sou verléift wéi de gatt war, war hien net. ni und nimmer. firwat? hie wosst et net. am fong war d'nadine him ze vill sérioux. an hien huet déi sérioux meedercher gefaart. hat ëmmer d'gefill, déi wiren drop aus, hie mam schlawittchen ze huelen a virun den altor ze schleefen. neen, sou wäit war hien nach net. hien huet no fräiheet gegladert an net no engem neie prisong.

roger manderscheid

auszuch aus deem neie roman *hunnegsuckeler, geschichten aus de fofzeiger joeren*, deen am hierscht bei phi erschéngt.

